Dem Josy seng

10 iPad-Gesetzer

1. **Ech passe ganz gutt op mäin iPad an op d'Tastatur op**, souwuel an der Schoul ewéi och doheem.

2. **Ech si responsabel fir alles**, wat domat passéiert. Ech benotzen en net fir illegal Aktivitéiten.

3. **Ech respektéieren d'one2one-Charta** (cf. Homepage LJBM) **an dës Reegelen.** Bei schlechtem Behuele kann ech soss den iPad ewechgeholl kréien.

4. **Ech vergiesse meng Usernimm a Passwierder** fir déi verschidden Déngschter (IAM, Eduroam, Office365 etc.) **net**. Ech eleng sinn zoustänneg fir meng Apple-ID a mäin Usage dovunner. Ech passe gutt op meng Donnéeën op.

5. **Mäin iPad ass all Moie fir 8:15 Auer voll gelueden** a prett fir d'Aarbecht.

   Wann ech d'Luede vergiess hunn, notzen ech den Opluedservice an der Bibliothéik (w.e.g. mam iPad a mat der myCard beim Här Leurs mellen).

6. Wann ech an der Schoul sinn, **benotzen ech den iPad just am Klassesall** oder an der Bibliothéik (CDI just no 14:20 Auer, net während der Mëttesstonn). Ech benotzen en net am Gewulls um Gank, net an der Cafeteria an net am Schoulrestaurant.

7. **Ech benotzen am Cours just déi Apps an Internet-Säiten**, déi mäi Proff gesot huet (kee Facebook, keng Spiller am Hannergrond etc).

8. **D'Schoulsoftware ass méi wichteg** ewéi meng privat Applikatiounen (Spiller etc.).

9. **Ech filmen a fotografféieren näischt,** zou deem ech net berechtegt sinn, an ech verbreede Fotoen a Filmer och net virun. Ech respektéieren d'Rechter um Bild.

10. **Tëscht de Stonne läit den iPad am Rucksak.** Am Ufank vun der Stonn ass en zougeklappt op der Bänk. Ech muss net um Ufank vun all Stonn opgefuerdert ginn, mäin iPad auszemaachen an ewechzeleeën, wann net domat geschafft gëtt.

Helpdesk: ipad@ljbm.lu